

(De folgenden Text ass à titre indicatif, am Zweifel zielt déi geschwate Ried)

Här President,

Duerch déi schwéier Erkrankung vum Felix Braz ass d'Dräierkoalitioun onerwaart fréi aus dem Summerlach gerappt ginn.

Mä och programmatesch steet Blo-Rout-Gréng virun entscheidende Wochen.

Dir Dammen an dir Hären

De Journalist, deen des Sätz virun der Rentrée geschriwwen huet, hat Recht.

Well JO:

Dës Koalitioun - a virun allem mir als gréng - si mam Ausfall vum Felix Braz als fairen a konstruktive Politiker - mä och als gudde Frënd - konfrontéiert.

Mir wënschen dem Felix, datt en nees séier op d'Been kënnt - a gläich um Liewen Deel huele kann.

Wéi gesot ass dës Koalitioun net nëmme mam Ausfall vum Felix Braz konfrontéiert.

Och inhaltlech sti mir virun entscheidende Wochen, Méint a Joren - och wann een op den éischte Bléck kéint mengen, zu Lëtzebuerg wier d'Welt dach längst an Uerdnung.

Effektiv si mir zu Lëtzebuerg an enger confortabeler Situatioun - virun allem wa mir eis mat eisem Ëmfeld vergläichen.

Besounesch wat d'Finanzplaz ugeet, sti mir am internationale Verglach gutt do.

Kierzlech huet d'Agence Moody's eist Land eng weider Kéier mam Triple A ausgezeechent.

Domat krute mir op en Neits eng "bonne note" kritt fir eise stabile Wuesstem, eis robust Institutionen, eis virausbléckend Wirtschaftspolitik an eis gutt budgetär Leeschtung.

Hei schwätze schonn eleng d'Zuele fir sech:

Wat d'Staatsschold par Rapport zum PIB ugeet, esou ass déi an de leschte Jore weider gefall a läit deemnächst viraussiichtlech ënner 20%.

2018 waren et 21,4% - 2017 waren et der nach 23%. - vun de Jore virdu guer net ze schwätzen.

Lëtzebuerg behält also eng vun deenen déifste Staatsverschëldungen iwverhaapt während eis Nopeschlänner Frankräich an d'Belsch mat enger Staatsverschëldung vun em déi 90% vun hirem PIB ze kämpfen hunn.

En zweete Beräich, an deem Lëtzebuerg sech am internationale Verglach auszeechent, betrëfft de Beschäftegung, mat engem stabillen taux d'emploi vun em déi 94-95 %.

Dëst ass jo e wichtege Parameter, fir déi wirtschaftlech Situatioun vun eisem Land an d'Kafkraaft vun eise Biergerinnen a Bierger ze bewäerten.

Dobäi kënnt eng gutt sozial Ofsécherung, déi op Solidaritéit berout - an esou opgebaut ass ass, datt méiglechst keen duerch d'Netz fällt.

Dir Dammen an dir Hären

Dëst alles zeechent Lëtzebuerg aus.

an awer däerfe mir eis net vun eiser Spëtzepositioun blende loossen.

D'Entwécklung aus de leschte Joren a Joerzéngt huet nämlech och hir Schietsäiten mat sech bruecht.

Mat alle Geforen a Risiken, déi sech dohannert verstoppen an déi Lëtzebuerg am negative Sënn auszeechnen.

Domat mengen ech:

1. de Logement

2. den oniwwerluechten Ëmgang mat eisem ganz limitéierten Territoire

3. de rasante Wuesstem vum PIB a vun der Awunnerzuel

4. de steigende Risiko vun Aarmut an Iwwerverschëldung

a 5. natierlech dee wichtege Beräich vun der Ëmwelt-, Energie- a Klimapolitik, wou muss ëmgesteiert ginn - wuel wëssend datt eisen ökologesche Foussofdrock weltwäit ee vun den héchsten ass.

En ass vergläichbar mat deem vun den USA.

Et sinn des 5 Kärthemen, op déi ech zesumme mat menge Fraktiounskollegen Djuna Bernard a François Benoy wëll agoen.

An et sinn och dës 5 Themen, déi am Mëttelpunkt vum Wirtschaftsrapport vun 2018 stinn, deen d'OCDE iwwer Lëtzebuerg ausgeschafft huet.

Dësen héich interessante Rapport ass kierzlech vum Generalsekretär vun der OCDE, dem Angel Gurría, an der Chamber virgestallt ginn.

E weist allerdéngs net just op déi genannte Problemfelder hin an op d'Geforen, déi domat verbonne sinn.

E weist och Pisten op, déi et erlaben, d'Entwécklung vun eisem Land an eng positiv Richtung ze lenken a verschidde Risiken an de Grëff ze kréien.

Dir Dammen an Hären,

Dat éischt Kärthema, op dat ech wéilt agoen, betrëfft de **Logement**.

Dozou gëtt et jo munches ze soen - ugefaange bei der Politik aus der Vergaangenheet, déi zu der miserabeler Situatioun gefouert huet, mat där mir haut konfrontéiert sinn.

Et ass kee Geheimnis:

Joerzengtelaang huet zu Lëtzebuerg d'Meenung dominéiert, datt kee Wee laanscht de Kaf vun engem Eegenheem um fräie Marché féiert, fir zu der Gesellschaft dozou ze gehéieren.

Esou ze soen nom Motto: Trautes Heim, Glück allein. Am beschten um Land mat engem grouse Beréng.

Op deem Hannergrond hunn déi verschidde Regierungen ëmmer nei Bähëllef beim Kaf vun engem Eegenheem agefouert. Mä leider ass dës Politik an enger Sakgaass gelant.

Firwat?

Ganz einfach, well se engersäits net verhënnere konnt, datt d'Präisser vun den Terrainen exponentiell gewuess sinn - an anerersäits well dës Zort vu Politik d'Offer um Wunnengsmaart net erhéicht huet.

Mëttlerweil féiert de séchere Wee zu enger Wunneng praktesch nach just iwver lerschaften.

Mam Resultat, datt eis Gesellschaft an zwee gedeelt ass tëscht deenen Engen, déi schonn a jonke Joren an de Besëtz vun enger Wunneng kommen an deenen Aneren, déi duerch den Net-Besëtz vun enger Wunneng an d'Aarmutsfal geroden.

Ëmmerhi klammen d'Präisser vun de Wunnengen zanter 2010 em ronn 5% am Joer - an de leschte 5 Méint esou guer em iwwer 11,4%.

De Corollaire vun där Entwécklung ass, datt d'Kafkraaft vun de Stéit ofhëlt an datt geféierlech Phänomener wéi Aarmutsrisiko an Iwwerschëldung zouhuelen.

Dir Dammen an dir Hären,

Als gréng si mir frou, datt dëse Problem net méi vun der Politik tabuiséiert gëtt.

Lues awer sécher huet sech a politescher Kreesser och d'Erkenntnis duerchgesat, datt d'Wunnensbaupolitik net just eng Politik fir Besëtzer a Spekulanten däerf sinn.

D'Wunnensbaupolitik muss och eng Politik fir déi Leit sinn, déi sech keng eege Wunneng kënnen leeschten.

Et ass do, wou dës Regierung ëmsteiert an dat begrësse mir ausdrécklech

Natierlech wier et vermessen ze behaupten, e Logementsminister kéint der Präisspiral um private Wunnensmaart kuerzfristeg en Enn setzen.

Et ass awer realistesch a richtig ze behaupten, datt den negativen Trend duerch geziilt Moosname gebremst ka ginn - well des Regierung de COURAGE huet, nei Weeër anzeschloen:

1. fir d'Wunnen zu Lëtzebuerg mëttel- a laangfristeg nees accessibel a bezuelbar ze maachen

2. fir d'Offer ze erhéijen - woumat ech net d'Offer vu groussen Eegenheemer mengen, mä d'Offer vu Locatiounswunnengen an neie Wunnformen.

Et kann een net oft genuch widderhuelen:

Wa bezuelbare Wunnraum soll entstoen - *an dat wëlle mir jo all-* dann däerf een d'Entwécklung net méi dem Privatmarché iwwerloossen.

Da muss de Staat esou wuel d'Gemengen, wéi och aner ëffentlech oder hallef ëffentlech Partner méi konsequent mat an d'Boot huelen a Synergië schafen.

Dat bedeit och, datt de System vun de Lafzäiten an den Zënstaxe beim Bau vu subventionéierte Wunnengen adaptéiert gëtt.

An zwar mat enger Lafzäit vu 40 Joer fir all Projet, deen an de Genoss vun der maximaler Subventioun vu 75% kënnt - am Beschte mat der Obligatioun, datt des Wunnengen duerno just un en ëffentlechen Acteur weider verkaaft däerfe ginn.

Dëst entsprécht iwwregens der Recommandatioun vun der Cour des comptes, déi kierzlech e Spezialrapport iwwer de subventionéierte Wunnengsbau realiséiert huet.

Wichtig ass och, datt déi sougenannte "Bailleurs sociaux" méi kloer definéiert ginn - an datt se duerno vu méi enger grousser staatlecher Ënnerstëtzung kënne profitéieren.

**An deem Sënn begréisst déi gréng Fraktioun, datt d'Nach-
Logementsministesch Sam Tanson sech schonn zu all dëse Reformen -
inklusiv der Reform vum Pacte Logement bekannt huet.**

An datt hiren Nofolger Henri Kox decidéiert op där Schinn wëll weider fueren.

Domat net genuch.

Och d'Grondsteuer läit eis fatzeg um Häerz.

Net well se ze héich ass, mä well se vill ze niddreg ass - an dat soen ech ganz
däitlech.

Zanter genee 78 Joer ass den Eenheetswäert vun den Terrainen an eisem Land net
méi un déi reell Entwécklung vun de Präisser ugepasst ginn.

Dat ass e reegelrecht Versaumnis - mä och e gudde Beweis, datt déi lëtzebuergesch
Steierpolitik ganzer 78 Joer laang passiv war - amplaz sech déi néideg
Steierinstrumenter ze ginn, fir d'Bauterraine virun der Spekulation ze schützen.

Steiere sinn nun mol do fir ze steieren!

Datt dat net geschitt ass, ass also weder d'Schold vun der Ministesch Taina
Bofferding, déi sech där Herkulesaarbecht wäert unhuelen, nach d'Schold vun
deenen, déi d'Grondsteuer an der Nazizäit agefouert hunn.

Et ass eenzeg an eleng d'Schold vun deene ville Ministeren, déi joerzengtelaang fir
d'Innepolitik an d'Steierpolitik zoustänneg waren - an de Kapp bal e ganz
Joerhonnert an de Sand gestach hunn.

Dir Dammen an dir Hären,

All dës steierlech Moosnamen, vun deenen ech elo geschwat hunn, betreffen en
zweet Kärthema, wat vun der OECD analyséiert ginn ass.

Et ass dat vun der genereller Besteuerung vum Bauland a vun der Propriété immobilière, déi zu Lëtzebuerg jo an den Hänn vun enger klenger Minoritéit läit.

Laut enger Analyse vum LISER besëtzen 20% vun de Privatpropriëtären iwwer d'Hallschent vum potentiel foncier zu Lëtzebuerg.

Wann ee sech dann den internationale Comparatif vun de periodesche Steieren op de Privatbesëtzer ukuckt, da muss ee feststellen, dass Lëtzebuerg wäit ofgeschloen op der leschter Plaz läit - mat Betonung op wäit.

Lëtzebuerg huet carrement den Uschloss verpasst!

Et ass dofir kee Wonner, dass d'OCDE - *wat jo kee revolutionäre Clibbchen ass* - Lëtzebuerg un d'Häerz leet, de System vun der Besteuerung am Beräich vum Foncier a vun den Immobilien ze iwwerdenken.

Eng Méiglechkeet wier, de Méi u Recetten un d'Gemenge weider ze verdeelen, fir dass se hir ëffentlech Missioun um Niveau vum erschwéngleche Logement méi gezillt kënne wouer huelen.

A fir dass se hir Projeten och finanzéiere kënnen.

Dat ass e Modell, deen an Dänemark en place ass a gutt fonctionnéiert.

A keng Angscht:

Och wa mir eis dann an der Besteuerung vun der Propriété immobilière méi no bei déi europäesch Moyenne hibeweegen, da bedeit dat nach ëmmer keng Revolutioun - *woumat ech de Generalsekretär vun der OCDE, den Angel Gurría, zitieren.*

Mat Plangwirtschaft huet des Approche also näischt ze dinn, mä eenzeg an eleng mam vernünftigen Ëmgang mat der wäertvoller Ressource Buedem a mat allem, wat dorop kann entstoen.

Als gréng si mir op alle Fall frou, datt de Finanzminister P.Gramegna bereet ass, dem Problem vum Logement an der Steierreform Rechnung ze droen -als ee vun den dräi grouse Piliere.

Dir Dammen/Hären

En anere Beräich, deen esou wuel mam Logement, wéi och mam demographesche Wuesstem ze dinn huet, betrëfft d'Landesplanung - déi jo geduecht ass, fir eise limitéierten Territoire vu just 2586 Quadratkilometer méi intelligent ze notzen an ze gestalten wéi an der Vergaangenheet.

Och wann neie Wunnraum entsteet, däerfe mir e wichtegt Zil net aus den An verléieren.

Et besteet doran, datt eise klengen Territoire net weider zersidelt an zoubetonéiert gëtt, an datt wichteg Gréngflächen an Erhuelungsgebieder geschützt an erhale bleiwen.

Op de Logement bezunn heescht dat, datt d'Regierung d'Wunne just op deene Plaze fërdert, wou et aus landesplanerescher Sënn mécht.

Also genee dat, wat schonn haut op verschiddene Site geplangt oder realiséiert gëtt.

Esou z.B. beim Projet Wunne mat der Wolz, engem innovativen Wunnprojet, deen op eng effektiv an nohalteg Notzung vu wäertlosen Industriefriche setzt - an deen Terrain zu Gonschte vum Allgemengwuel opwäert.

Ähnlech Projeten entstinn zu Diddeleng (op der Schmelz), Schëffleng an Esch - a sollen an Zukunft als Modell déngen.

Woubäi ech wéilt bemierken, datt d'Wunnqualität an der Vergaangenheet vill ze vill un der Gréisst vun der Wunnfläch gemooss ginn ass, déi eng Persoun oder e Stot zur Verfügung huet.

Laut enger Analys, déi virun e puer Joer an der Nohaltegkeetskommissioun virgestallt ginn ass, huet e Stot, deen en Haus besëtzt, an der Moyenne 140 Quadratmeter Wunnfläch zur Verfügung.

Allerdéngs sinn nëmme 40% bis 50% vun där Fläch tatsächlech bewunnt.

Dat heescht: em déi 50 bis 60% vun der schonn ausgewisener Wunnfläch bleiwen onbewunnt - während - op där anerer Säit Dausende vu Leit net emol d'Chance hunn, an de Besëtzt vun engem Tiny House ze kommen.

Et geet also net just em d'Mobiliséierung vun Terrainen a Wunnensbau op der richteger Plaz.

Et geet och drëms, déi eidelstoend Wunnflächen ze mobiliséieren an déi néideg Hëllefstellungen unzebidden.

Esou zum Beispill duerch eng enk Zesummenaarbecht mat den Agences immobilières sociales, déi sech ganz oft em d'Vermëttele vun eidelstoende Logementer u méttellos Famille këmmere.

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Och des Effortë vun der Regierung wiedergefouert.

Dat ass keng abstrakt Politik, mä konkret Wunnensbaupolitik fir déi Vulnerabelst aus eiser Gesellschaft.

Enk mam Logement verbonnen ass natierlech och d' Thema vum Wuesstem,
laanscht dat keng Diskussioun méi féiert.

Et beweegt d'Gemidder a stellt eist Land viru weider grouss Erausfuerderungen.

Ugefaange beim Wuesstem vum PIB, deen nach ëmmer als eenzege Parameter
gëllt, fir de Räichtum vun eisem Land ze moossen - mä och de Wuelstand vun eiser
Bevëlkerung.

Dir Dammen an Hären,

Als gréng wéilte mir des Usiicht e wéineg nuancéieren.

E massive Wirtschaftswuesstem mécht eist Land nämlech net onbedéngt méi räich.

E kann eist Land och méi aarm maachen:

Méi aarm u Liewensqualitéit - méi aarm u Wuelbefannen - méi aarm un Natur an u
Biodiversitéit - méi aarm un natierleche Ressourcen.

Well wat hu mir vum Wuesstem, wann en eis Liewensgrundlagen an eis
Liewensqualitéit laangfristeg zerstéiert?

**Dat heescht ganz sécher net, datt mir mat eidele Spréch an Angschtmaacherei
géint d'Entwécklung vun eisem Land wëlle virgoen.**

**An et heescht och net, datt mir a Populismus verfallen an e Referendum iwver
de Wuesstem wëllen organiséieren.**

De Wuesstem kann een nämlech grad esou wéineg dekretéiere wéi d'Enn vum
Wuesstem oder e Wuesstemsstopp.

De Wuesstem ass e Resultat vun enger fräier Maartwirtschaft an engem fräie Land.

E Land wat sech zu Europa bekennt - an domat zu enger Unioun mat oppene
Grenzen. Zu deem Europa sti mir weiderhin.

Dat verhënnert net, datt mir de Wuesstem oder besser gesot déi wirtschaftlech Entwécklung méi intelligent a méi nohalteg gestalte wéi an der Vergaangenheet.

Dat ass en Zeenario, deen sech qualitativ Entwécklung nennt.

Konkret bedeit dat, datt de Wirtschaftswuesstem Hand an Hand muss goe mam Schutz vun der Ëmwelt a vun eisen natierleche Ressourcen - mee och Hand an Hand mat der Stäerkung vun der sozialer Kohesioun - Groussregioun abegraff.

Eng grouss Chance gesi mir hei fir déi kleng a mëttelgrouss Betriber.

Schonn haut ginn et 35000 kleng a mëttelgrouss Betriber zu Lëtzebuerg, déi insgesamt 210.000 Aarbechtsplaze generéieren.

Des Betriber si ganz diversifiéiert an domat méi krisefest wéi grouss Industriebetriber. Si bilden esou ze soen d'Réckgrat vun der lëtzebuergescher Economie.

An eisen An wier et fatal, d'Zukunft vun dese Betriber ze hypothekéieren, doduerch datt een am Numm vun der Wuesstemsfeindlechkeet all Entwécklung bremst.

An eisen An muss et villméi drëms goen, des Betriber an d'Richtung vun der Nohaltegkeet ze ënnerstëtzen an hinne Perspektiven ze ginn.

Eng positiv Evolutioun an déi Richtung ass an där Hisiicht scho feststellen an dat ass erfrelech:

Ëmmer méi Betriber erkennen d'Zeeche vun der Zäit - a bekennen sech aus eegene Stécker zum Ressourcenchutz an zu méi nohaltege Produktiounsmethoden.

Dat ass net nëmmen e Virdeel fir d'Ëmwelt.

Mëttel- laangfristeg huet et och e wirtschaftlechen Impakt op d'Betribler selwer, well se hir eege Konkurrenzfähigkeit op déi Manéier steigern an d'Nues op d'Dauer virhunn.

Dat sinn d'Betribler vun der Zukunft.

Un der Regierung ass et, dee richtege Kader ze setzen, an deenen des Betribler sech kënnen beweegen.

Dese Kader besteet éischtens aus Partnerschaften, Berodung a Fördermoossnamen, der Aféierung vu Klimaschutzprogrammen fir PME - fräiwëllegen Accorden - oder carrement enger Zort Klimapakt tëscht dem Staat an de Betribler.

Zweetens geet et awer och drëms, weiderhi konsequent op d'Prinzipie vun der Kreeslafwirtschaft ze setzen..

Virun 3 Joer huet d'Dräier Koalitioun de Prozess vun der **drëtter industrieller Revolutioun** agelaut, fir dofir ze suergen, dass eis Wirtschaft sech **manner ressourcen- a manner arbeitskraaftintensiv** weiderentwéckelt- mat der Economie Circulaire als zentrale Wirtschaftsmodell.

Dese Prozess mussen mir konsequent weider driwen.

Just als Beispill :

Haut produzéiert all Euro, deen an eiser Wirtschaft verdéngt gëtt, ongeféier 2,5kg Offall (TIR Study).

Dese Offall gëtt zum gréissten Deel net sënnavoll weider verwäert. Dat ass definitiv net dat, wat mir ënner Nohaltegkeet verstinn.

Et gëllt deemno, an alle Wirtschaftsberäicher d'Erëmbenotzung vu Materialien ze förderen.

De Bausecteur ass ee vun deene Beräicher - an et ass jo dee Beräich, dee momentan reegelrecht boomt.

E groussen Deel vun eisem Offall – an Europa bis zu engem Véierel vum gesamten Offall – entsteet am Bausecteur.

AN OCH HEI mussen d'Prinzipie vun der Economie Circulaire ugewannt ginn.

Recycling zu engem Schwéierpunkt fir d'Fuerschung zu Lëtzebuerg maachen, ass eng weider Pist, déi promovéiert ka ginn.

Et muss drëms goen, eis Recyclingtechnologien ze optimiséieren, well do bleift bestëmmt nach Sputt no uewen.

Dozou e Paradebeispill:

Zu Lëtzebuerg gouf mat der Dekonstruktoun vum Jean Monnet Gebai um Kierchbierg e Pilotprojet an deem Beräich lancéiert mam Zil, datt dat wat normalerweis als Bauschutt entsuergt gëtt - als Ressource nei verwäert gëtt.

Doriwwer eraus gi mat deem Projet och wäertvoll Erfarungen am Réckbau vu Gebaier gesammelt, déi fir zukünfteg Projete gebraucht ginn.

Offall am Bauwiese muss also net méi als rengen Offall ugesi ginn. **Dësen Offall kann och zu enger wäertvoller Ressource ginn.**

D'Kreeslafwirtschaft ass awer och **eng Chance fir d'Beliewung vum Handwierk**, well e Produit am Laf vu sengem Liewenszyklus ëmmer nees reparéiert ka ginn.

Dozou ass am Koalitiounsaccord virgesinn, dass **Reparatiounsaarbechte** mam super-reduzéierten TVA-Taux (3%) solle belount ginn.

An deem Accord ass doriwwer eraus virgesinn, datt Lëtzebuerg sech um europäeschen Niveau fir eng Legislatioun **géint d'obselence programmée** wäert

asetzen- als wichtige Schrëtt, fir géint d'Produktioun vu **geplangt** kuerzliewege
Geräter virzegoen.

Dat sinn déi Geräter, déi enorm vill Metallschrott a geféierlech Substanzen
hannerloossen ouni awer vill gebraucht ze ginn, well se net laang fonctionnéieren.

En anert net onwichtig Instrument, wat mir brauchen, fir eis Wirtschaft méi nohalteg
ze gestalten ass en neit Kommodo-Inkommodo Gesetz.

Et geet nämlech net duer, bei der Usiidlung vun neie Betriber op Sécherheet an op
de Respekt vun technologesche Kritären, Kompenséierungen, Bebauungspläng an
entspreechend Autorisatiounen ze setzen.

D'Kommodo-Inkommodo Gesetz muss och dem Ressourceschutz vun Ufank u méi
geziilt Rechnung droen - a mir ginn emol dovun aus, datt eng entspreechend Reform
net méi laang op sech waarde léisst.

Dir Dammen an Hären,

Wann ee vun nohalteger Wirtschaftspolitik schwätzt, dann däerf een d'Kompetenzen
net vergiessen, déi an de Betriber gebraucht ginn an an de Betriber opgebaut
kënnen/solle ginn.

Woumat ech eng weider Kéier beim Rapport a bei de Recommandatiounen vun der
OCDE landen.

Laut senger Analyse gi schon hautdesdaags 14 bis 15 % vun den Aarbechter an de
Betriber vun der rasanter Entwécklung am technologesche Beräich iwwerrannt.

Dat heescht, se sinn op Britesch ausgedréckt "disruptet" - also lassgerass - vun der
Aarbechtswelt - mam Resultat, datt déi Persounen mat Angoissen ze kämpfen hunn -
a mam Risiko konfrontéiert sinn, aarbechtslos ze ginn.

Dobäi kommen déi Persounen, déi zwar qualifizéiert sinn, mä trotzdeem keng Aarbecht fannen, well se déi falsch Kompetenzen hunn.

An deem Kontext huet d'ADEM am Joer 2018 ze bedenke ginn, datt d'Penurie u Kompetenzen an de leschte Jore massiv zougeholl huet.

D'Resultat dovun ass, datt ëmmer méi Betriber déi gebrauchte Fachkräften am Ausland musse rekrutéieren - a mat allen Konsequenzen, déi dat net nëmmen op eisen Aarbechtsmaart huet, mä och op de grenziwwerschreidenden Trafic.

Besounesch betraff ass hei den ICT Secteur, wou Lëtzebuerg am europäesche Verglach déi allermeeschte Problemer huet, fir Spezialisten ze rekrutéieren.

Ganzer 9% vun de Betriber si mat deem Problem konfrontéiert während d'Moyenne vun deene Betriber an der ganzer EU just bei 5% läit.

Datt et net nëmmen um Staat ass, fir deem entgéint ze steieren, mä och un de Betriber selwer, läit op der Hand.

Allerdéngs si bis haut just 25 % vun de Betriber op dee Wee vun interne Formatiounen am ICT Beräich gaangen.

Ëmsou méi begréissenswäert ass dofir d'Initiative vun der Regierung, des Lacune duerch Projete wéi "Luxembourg digital skill" ze behiewen a mir hoffen, datt des Politik hir Friichte wäert droen.

En anere Phänomen, mat deem déi lëtzebuergesch Wirtschaft konfrontéiert ass, ass dee vun de sougenannten "Zombie" Entreprises.

An och dee Phänomen huet en negativen Afloss op d'Ëmwelt a muss verhënnert ginn.

"Zombie" Entreprise sinn déi Zort vun Entreprises, déi hir Zënse wéinst ze niddrege Recette während Joren net méi kënnen zréck bezuele während se op där anerer Säit awer en héije Ressourcenverbrauch hunn.

Des Entreprise schueden net nëmmen der Economie.

Se schuede wéi gesot och der Ëmwelt, well se eng effizient Reaffektatioun vun hire Ressourcen an d'Richtung vun zukunftsorientéierten nohaltege Branche verhënneren.

Och wa Lëtzebuerg am europäesche Verglach net zu de Länner mat deene meeschten Zombie Entreprise gehéiert, sou sti mir an dësem Ranking awer net besonnesch gutt do.

Hei stellt sech d'Fro, Här Wirtschaftsminister, ob a wéi dir dee Problem wëllt behiewen an op en neit Faillitagesetz an deem Kontext duergeet.

Dir Dammen an Hären

All dës Punkten hu mat der ganz komplexer Wuesstemsfro ze dinn a weisen, datt et méiglech ass, déi wirtschaftlech Entwécklung an nohaltege Bunn ze lenken, wann de politesche Wëllen dofir besteet.

Begleet gëtt des Entwécklung mat ganz konkrete Moosnamen, déi an alle Beräicher e Paradigmewiessel erméiglechen an dozou bäidroen, eist Land nohaltege opzestellen:

- Dat sinn déi héich Investitiounen um Niveau vun der nohalteger Mobilitéit, déi schonn zanter Joren all Rekorder briechen a weidergefouert musse ginn - wuelwëssend, dass 60% vun den CO₂ Emissiounen am Beräich vum Transport ufalen.
- Dat si Moosnamen um Niveau vun den öffentleche Gebaier - (Verschäerfung vun den Normen, Renovéierung, Verbesserung Energieeffizienz.... e Prozess, dee schonn am Gang ass.)

Et si Moosnamen um Niveau vun de Menagen (Adaptatioun Standarde bei den Haiser, Renovéierung, Fërderung erneierbar Energien, Ausstig aus fossillen Heizstoffer wéi Mazout)

- Et ass d'Förderung vun den erneierbaren Energien am öffentleche Secteur,
- Et ass déi verstärkt Zesummenaarbecht tëscht Staat a Gemenge mat z.B. der Auswärtung vum Klimapakt
- Et ass d'Ausweisung vun nohaltegen an autofräie Wunnquartieren - mat neie Wunnformen a méi enger grousser Densitéit, déi der Liewensqualitéit doutsécher net am Wee steet.

Ganz am Contraire: wann se gutt geplangt sinn, stärke méi dicht Wunnformen déi sozial Kohesioun, bréngen d'Mënschen zesummen a kënnen de Phänomen vun der sozialer Isolatioun esou guer verhënneren - während se d'Ëmwelt schounen an de Buedemverbrauch a Grenzen halen.

Den zweete Volet vun der Wuesstemsdebatt bezitt sech dann op den demographesche Wuesstem, deen oft wéi e Schreckgespenst an d'Fënster gehaange gött.

Dobäi muss ee jo wëssen, datt d'Awunnerzuel NET an direkter Relatioun mam Wirtschaftswuesstem steet.

E staarke Réckgang vum PIB féiert nämlech net dozou, datt manner Leit an eist Land wunne kommen, well eist Land och a Krisenzäite méi attraktiv bleift wéi eis Nopeschlänner.

Dir Dammen an Hären,

Als gréng wëlle mir eis der Zouwanderung net verschléissen.

Mir gehéieren net zu deenen, déi Maueren am Kapp hunn a Mauere wëlle bauen.

Mir gehéieren zu deenen, déi Lëtzebuerg weiderhin als oppent an tolerant Land verdeedegen - an eis kulturell Diversitéit als Stärkt ugesinn - och dann, wann nei Awunner an eist Land kommen.

Dat heescht beileiwen net, datt mir eis mat alle Mëttele fir e grouse Bevelkerungswuesstem asetzen.

Et heescht awer, datt mir kengem d'Dier op der Nues zouschloen, wann en ënner legale Bedingungen an eisem Land wëll wunnen, schaffen a liewen.

Un der ëffentlecher Hand ass et, de Raum, d'Mobilitéit, de Logement, d'Energieproduktioun an all wichteg Beräicher vum Zesummeliewen esou ze gestalten, datt jiddwereen zu Lëtzebuerg mënschewierdeg ka liewen, ouni datt d'Ëmwelt ze kuerz kënnt.

Dat ass natierlech mat enger ganzer Rei vun Defie verbonnen. Déi meeschtere mir am beschten, wa mir se zesummen uginn.

Am Idealfall mat alle Parteien, noutfalls eleng als Koalitioun.

An et ass genau dat, wat mir an deene leschte Jore schonn zu engem gudden Deel fäerdeg bruecht hunn.

Just e puer Beispiller :

An de leschten 10 Joer huet sech d'Wandenergie zu Lëtzebuerg vervéierfacht, d'Solarenergie souguer verfënneffacht.

Haut ginn et 7.000 Solaranlagen zu Lëtzebuerg a mir leien op der 7.Plaz an der EU, wat den Undeel vun der Photovoltaik pro Awunner betrëfft- mat nach vill Sputt no uewen.

Zanter 2018 gi 74% vum Verbrauch vun de Menage duerch national erneierbar Energie versuergt.

Vill Defien hu mir och schonn am Transportsecteur gemeeschtert:.

- mat 20.000 Passagéier pro Wochendag am Tram
- mat 2 Milliounen Passagéier an der neier Gare Pafendall-Kierchbierg säit der Erëffnung am Dezember 2017

Mam neie Projet de loi zu de Vëlospiste sinn 1100km geséichert Weeër virgesinn.

630 km sinn haut scho realiséiert a vill aner Mobilitéitsprojete sinn am Chantier - Ugefaange beim Ausbau vun der Stater Gare, dee vill Problemer wäert léisen. +++

Dir Dammen an Hären,

Keng onbedeutend Roll spillt am Kontext vun der qualitativer Entwécklung och d'Steierreform, där ech net virgräife wëll.

Allerdéngs wëll ech schonn am Virfeld vun den Aarbechte betounen, datt Lëtzebuerg - grad wéi déi aner EU Staaten - net dolaanscht wäert kommen, sech mat der komplexer Fro vun der CO2-Bepräisung auserneen ze setzen.

An och d'Fro vum Pollueur-payeur am Ëmweltberäich an déi néideg sozialer Offiederung an der Redistributioun vun de Recetten an nohalteg Secteuren muss och zu Lëtzebuerg en Thema ginn.

Mir kënnen net all Verantwortung op d'EU ofwälzen, mä müssen och eis eege Verantwortung zu Lëtzebuerg iwwerhuelen.

Dat heescht - wéi de Premier richtig gesot huet - **net einfach weidermaachen - mä weider maachen!**

An anere Wieder: méi maache wéi bis elo!

Dozou gehéiert och, datt den Ëmstig op erneierbar Energie an op en ëmweltfrëndlecht Verhale méi gefërdert gëtt – woumat kee bestrooft, mä vill Leit belount kënne ginn!

Beispillsweis duerch erhéicht Subsidien – oder enger reduzierter TVA bei der Sanéierung vun Haiser – mä och beim Kaf vun ëmweltfrëndleche Produiten, Technologien a Servicer.

Jiddwerfalls begréisse mir, datt de Pilier vun der grénger Fiskalitéit bei der Steuerreform grad esou eescht geholl gëtt – wéi déi vun der Individualbesteuerung a vum Logement.

Dir Dammen an Hären,

D'Dräier Koalitioun wäert jiddwerfalls op deem Wee weiderfueren, deen se viru 6 Joer ageschloen huet.

Och dat gehéiert zur Resilienz, déi aus der Fäegkeet besteet, aus Schwächte vum System Stärkten ze entwéckelen.

An deem Sënn geet et dëser Regierung drëms, d'Erausfuerderunge vum Klimawandel - grad wéi och d'Erausfuerderunge vum Bevëlkerungswuesstem - **proaktiv an am Respekt vun der Ëmwelt** unzegoen!

An d'Land op déi Manéier prett ze maache fir d'Zukunft.

Der Entwécklung hannendrun ze lafen - esou wéi aner Regierungen et joerzéngtelaang gemaach hunn - ass definitiv net de Choix vun dëser Koalitioun.

Dir Dammen an dir Hären,

Fir ofzeschléisse kommen ech natierlech net dolaanscht, nach kuerz op déi ganz aktuell Diskussioun ronderëm Dateschutz anzegoen, déi an de leschte Méint a Wochen hei an der Chamber fir e klengen politeschen Tornado gesuergt huet.

Och hei sti mir virun enger Erausfuerderung, déi net ze ënnerschätzen ass.

Dofir si mir frou, datt de Premier gëschter Kloertext geschwat huet! An datt en eng konkret Approche presentéiert huet

U sech ass den Dateschutz AWER NET JUST aktuell, well mir zanter e puer Méint dru schaffen, déi staatlech Datebanken op alle Punkten un d'Ufuerderunge vum neien Dateschutzgesetz unzepassen.

Dëst Thema ass och aktuell, well d'Gläichgewiicht tëscht Sécherheet a Fräiheet weltwäit a Gefor ass - a wann en Ongläichgewiicht entsteet, da geet et meeschtens op Käschte vun der Fräiheet.

Spéitstens zanter de Revelatioune vum Edward Snowden wësse mer, dass eng systematesch Iwwerwaachung vum Eenzelen duerch e Staat kee Science-Fiction Zeenario méi ass.

Eng systematesch Iwwerwaachung gëtt ëmmer méi zur batterer Realitéit.

Wann een Z.B. kuckt, wat a China geschitt, da gesäit een, zu wat en digitalen Iwwerwaachungsstaat ka féieren:

An e puer Dose Stied huet China schonn e "Sozialkredit"-System agefouert, dee Privatpersounen, Entrepenen an ONGen no hirem politeschen a soziale Verhale bewäert.

Hire Plang ass et, de System bis 2020 flächendeckend auszebauen.

Verhält e Bierger sech gutt - also systemkonform - ass alles an der Rei.

Falls net, kann en zum Beispill eng Fluch- oder Zuchrees verbuede kréien.

Dat heescht: All Beweegung an all Aktioun gëtt vum Staat kontrolléiert - an all systemfeindlecht Verhale sanktionéiert.

Et schéngt mer evident, dass dat kee Modell ass, dee mir eis zu Lëtzebuerg wënschen.

Dofir ass et och gutt, dass Lëtzebuerg sech bis elo net blannemännerches vum Iwwerwaachungstrend matrappe gelooss huet.

An awer muss d'Diskussioun iwwer de Schutz vun der Privatsphär och zu Lëtzebuerg gefouert ginn!

- ugefaange bei där iwwer de Kamera- Iwwerwaachungssystem Visupol, deen am Stater Gemengerot reegelméisseg fir Onrou suergt. **An dat zu Recht.**

Et ass nun mol net einfach ze tranchéieren,

- ob d'Zuel vun de Kameraen erop oder erof gesat muss ginn, well verschidde Geforen an engem Quartier bestinn,

- ob d'Plaz vun de Kamerae richteg gewielt ass

- a wat des Apparater iwwerhaupt däerfen erfaassen.

Dobäi kommen net onwichtig Froe wéi déi vun der Genauegkeet an der Effikassitéit vun esou Systemer,

mä och déi prinzipiell Fro, ob se effektiv am Interessi vun der allgemenger Sécherheet a vum Allgemengwuel sinn - ODER NET.

De PL zu Visupol, dee kierzlech vum Minister F.Bausch deposéiert gouf, ass en éischten zilféierende Versuch, eng adequat Äntwert op déi Froen ze ginn.

Eng Äntwert - *oder besser gesot vill Äntwerten op vill komplex Froe* - brauche mir awer och an der Debatt ronderëm d' Datebanke vun der Police an d'Justiz - mä och ronderëm d'Datebanken, déi an den Administratiounen, am System vun der Sécurité Sociale a vun der Santé, an an anere Ministère existéieren.

Hei geet et ënnert dem Stréch drëms ze tranchéieren, **wéi vill Fräiheet mir bereet sinn opzeginn, fir datt eis physesch, sozial a berufflech Sécherheet, mä och eis Gesondheet besser geschützt kënne ginn -**

respektiv, wéi wäit mir wëllen, datt eis perséinlech Daten zu eenzelen Zwecker retracéiert kënne ginn?

Eng wichteg Fro stellt sech awer och op engem méi iwwergeuerdentem Niveau, dee bis elo an eiser Diskussioun ëm den Dateschutz ze kuerz komm ass.

Wann ee gesäit, wéi **multinational Konzern**er haut mat der Flut vu perséinlechen **Donnéeën**, déi mir hinnen **deels fräiwëlleg, deels ouni Wëssen** zur Verfügung stellen, Milliounegeschäfte maachen, da stellt sech d'Fro vum Dateschutz och do.

Hire Businessmodell besteet jo doran, mat eise perséinlechen Daten eis Verhalensmuster net nëmmen ze antizipéieren, mee och ze beaflossen.

Dat gëtt deene Konzernener eng **enorm Muecht, déi scho bal mat där vun engem Iwwerwaachungsstaat vergläichbar ass.**

Allerdéngs ass des Muecht an der Realitéit kaum erkennbar.

A genee dora läit **déi zentrale Problem vum ongenügenden Dateschutz an der haiteger Zäit.**

Eise Wonsch ass a bleift, sachlech a konstruktiv iwwer déi Themen ze diskutéieren.

An deem Kontext ënnerstëtze mir dem Premier säi Virschlag, eis an enger éischer Etapp méi speziell mat de Policefichieren ze befaassen, déi u sech jo just d'Spëtzt vum Äisbierg duerstellen.

Hei muss effektiv nogebessert ginn, fir den Ëmgang an d'Gestioun vun de Fichiere konform ze maachen - an deen néidegen Equiliber hierzestellen téschen dem

gereegelten Zougang zu Sécherheetszwecker an hirem Schutz zu Gonschte vun der Fräiheet vum Mënsch .

Dëst op Basis vun de fundamentale Prinzipie vun der Relevanz an der Verhältnisméissegkeet, vun deenen de Premier gëschter am Detail geschwat huet.

Zesumme mat engem Vertrieder vun der CNPD - an op Basis vum virleienden Avis vun der CNPD - soll de Comité de suivi (Ministère, Generaldirektioun Police) sech där Saach unhuelen.

Dat ass an eisen An déi richteg Approche - wat d'Fichiere vun der Police ugeet.

Den zweete Volet, deen och séier gereegelt muss ginn, betrëfft d'Justiz, mam sougenannte "Ju-Cha", wou d'Justizautoritéiten déi ganz Gestiou vun de Fichieren op de Leescht huelen, fir d'Reegele méi kloer ze definéieren a konform zu den Exigence vum Dateschutz ze maachen.

Ähnlech wéi d'CNPD de Fichier central bei der Police kontrolléiert, kontrolléiert d'Autorité de contrôle judiciaire de "Ju-Cha".

A schlussendlech ass et um Commissariat à la protection des données auprès de l'Etat fir eng generell Bestandsopnam ze maachen, wat d'Existenz vun Datebanken an d'Applikatioun vun den Dateschutzreegele beim Staat a bei de Verwaltunge betrëfft.

Dëse Kommissariat soll déi staatlech Instanzen begleeden a beroden, mam Zil, datt se d'Dateschutzreegelen optimal uwenden.

Woubäi ee jo muss wëssen, datt des Instanz a kuerzer Zäit scho ganz vill gutt Aarbecht geleescht huet, dëst schon am Virfeld vum Akraafttriede vum RGPD.

Alles an allem geet et drëms, nees Rou an déi komplex Landschaft vum Dateschutz ze kréien.

Dat ass am Sënn vun eis alleguer, mä et ass och eis kollektiv Verantwortung.

Jiddwerfalls hu mir vollt Vertrauen an déi proposéiert Approche vum Premier an
ënnerstëtzen se voll a ganz!

Här Präsident,

D'Erausfuerderunge si riseg. Se unzegoen an déi richteg Equiliberen ze fannen ass
keng einfach Aufgab.

Wann een net **weider maache wëll wéi virdrun**, stéisst ee séier op Widderstand,
well al Gewunnechten an Traditionen a Fro gestallt musse ginn.

Trotzdem gesäit ee schon haut, dass sech eppes deet.

Et ass e gemeinsame Wëllen do, weiderhi viles ze beweegen, **virun allem an der
Klimafro, déi och eng sozial Fro ass..**

Des Theme beweegen eis ganz Gesellschaft.

Dowéinst begréisse mir ausdrécklech, datt de Premier seng Deklaratioun zu der Lag
vun der Natioun an d'Zeeche vun der nohalteger Entwécklung gesat huet.

Fir Lëtzebuerg ass dat eng Première fir e Premier

Zesumme mat him an eise Koalitiounspartner si mir als gréng jiddwerfalls bereet,
weiderhin eis Verantwortung ze iwwerhuelen, fir dem Usproch vun enger
demokratescher, sozialer a nohalteger Zukunft gerecht ze ginn.

Des Theme beweegen eis ganz Gesellschaft.

Dowéint begréisse mir ausdrécklech, datt de Premier seng Deklaratioun zu der Lag vun der Natioun an d'Zeeche vun der nohalterger Entwécklung gesat huet.

Fir Lëtzebuerg ass dat eng Première fir e Premier.

Zesumme mat him an eise Koalitiounspartner si mir als gréng jidferfalls bereed, weiderhin eis Verantwortung ze iwwerhuelen, **fir dëm Usproch vun enger demokratescher, sozialer a nohalterger Zukunft gerecht ze ginn.**